N° 4605
Reçue le 10.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 10 SEP. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 4605 du 2 juillet 2021 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant la limite des trajets du service Adapto, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4605 vum 2. Juli 2021 vum honorablen Deputéierten Sven Clement betreffend "Limite des trajets du service Adapto"**

1. Et handelt sech bei deenen 360 Faarten am Adapto em eenzel Faarten. Dest ass erkläert ënnert de « Conditions générales d'utilisation », um Fomular fir eng Kaart unzefroen, souwéi online publizéiert. Ech verweisen an dësem Kontext och op méng Äntwert d'parlamentaresch Fro n° 3439. De Grond fir esou e Plafong ass dass et sech beim Adapto ëm e gelegentlechen Transport handelt, a kee regelméissegen. Fir regelméisseg Déplacementer wéi fir a spezialiséiert Strukturen ginn et aner Transportzervisser.

   Zur Erënnerung: Den Transport ass 2008 gegrënnt ginn als „service occasionnel" ënnert dem Numm Novabus. Bei enger éischter Reform 2015, wou en Adapto genannt gouf, gouf e Plafong festgeluecht vun 15 Faarten Hin-an-zréck pro Mount, wäll den Term „occasionnel" respektiv Gelegenheitstransport net däitlech genuch war. Et war awer net méiglech Faarten ze cumuléieren oder och ze reportéieren vun engem Mount op deen nächsten. De Plafong gouf dowéinst mat der Reform 2020 op d'Joer ausgedehnt, wat et dem Client erlaabt fir den Transport méi dacks kënnen ze benotzen.

2. Des Unzuel vu Faarten dierften generell duergoen, déi wéinegst Clienten benotzen den Adapto esou vill. Méngen Zervisser ass just een eenzege konkrete Fall bekannt vun engem Client deem de Plafong net duergeet.

3. Um Dag vum 07.07.2021 goufen et genee et 5.763 Clienten an der Datebank. Domat kann een zwar Héichrechnunge machen an alle Varianten, deemno wéi wäit de Client wëll gefouert ginn, oder wéi dacks wéivill Leit kéinten zesummen transportéiert ginn; mee da wéisst een nach ëmmer net wéivill Bussen a Chaufferen néideg wieren an deementspriechend misste bezuelt ginn.

   D'Joer 2020 kann een zwar net als Referenzjoer betruechten, mee ech ginn dem honorablen Deputéierte awer ganz gären e puer Zuele mat op de Wee. Den 31.12.2020 goufen et an der Datebank 5.516 Clienten an den Adapto huet 8.283.159,63 Euro kascht. Leider war duerch d'Pandemie d'Situatioun därmoossen exceptionnell dass een doraus näischt schléisse kann. An de Méint Juli bis September 2020, déi als einigermoossen normal ouni zevill sanitär Restrictiounen betruecht kënne ginn, sinn am Durchschnëtt 428 Leit pro Dag mam Adapto gefuer. Tëschend dem 17. Mäerz an 19. Abrëll waren et der just 36.

   Wéi schon puermol wëll ech nachemol drop hiweisen, dass et néierens am Ausland e vergläichbaren Transportzerviss gëtt, deen déi berechtegt Persounen esou dacks vun Dier zu Dier féiert, zu Lëtzebuerger souguer gratis. Och am Ausland ginn et Limitatiounen fir d'Benotzung, déi méi niddreg sinn ewéi déi 360 Faarten bei eis.